N°1587
Entrée le 28.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27. November 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister ze stellen.

An engem rezenten Artikel vum „Luxemburger Wort" ass d'Fro opgeworf ginn op d'KI d'Policeaarbecht méi schnell a besser maache géif. D'Policeaarbecht erfuerdert net nëmmen een Asaz um Terrain mee och sëlleg administrativ Aufgaben déi Zäit ewechhuelen. Zäit déi villäicht kéint fir Terrainsaarbecht genotzt ginn. Dorauser entsteet dann de Gedanken datt d'KI eng effikass Ënnerstëtzung, besonnesch am administrative Beräich, kéint sinn. Aus dësem Artikel geet ausserdeem ervir datt eng aktiv Notzung vu KI duerch d'Police nach net a Lëtzebuerg bekannt ass. Bei der Berichterstattung gëtt anscheinend awer op gratis KI-Tools wéi Deepl oder ChatGPT zeréckgegraff. Dëst werft Froen beim Dateschutz op.

An deem Kader, hätte mir vum Minister gär Äntwerten op déi follgend Froen:

- Wat ass dem Här Minister seng Positioun iwwert een aktiivt Notze vu KI bei der Police? Nieft dem administrative Beräich, kéint een d'KI och bei der Bilderkennung fir d'Sich vun Täter notzen?
- Ass eng käschteflichteg KI schonn am Asaz bei der Police? Wa net, wisou nach net? Wa jo, wéi genee gëtt d'KI genotzt?
- Wat sinn d'Geforen déi bei der Notzung vu KI bei der Policeaarbecht kéinten entstoen? Wat sinn d'Avantagen déi d'Polizisten an hirer Aarbecht kéinten hunn?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori
Deputéiert

Dan Biancalana
Députéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu